# A BOSSELESCH

## Januar - Abrëll

## 2026



GIM asbl
A Bosselesch
Mondercange

clubaktiv

A BOSSELESCH
WhatsApp Grupp

# A BOSSELESCH

**Zeechenerklärung zu den Aktivitéiten ¦ Légende pour les activités**

| | |
|---|---|
| 📅 | Datum ¦ Dates |
| 🕓 | Auerzäit ¦ Heure \| Départ ¦ Lieu de Départ |
| ✍ | Aschreiwungsfrist ¦ Délai d'inscription |
| € | Präis vun der Aktivitéit ¦ Prix de l'activité |
| ↓↑ | Persounenunzuel ¦ Nombre de personnes |
| M ¦ NM | Member / Net-Member ¦ Membre / Non-membre |

**A Bosselesch**
1, rue de Limpach
L-3932 MONDERCANGE

T: 26 55 36 - 1 ¦ info@gim.lu
**www.abosselesch.lu**
www.mondercange.lu/citoyens/seniors

**G I M ASBL**
**BCEELULL**
**LU23 0019 4655 8276 1000**

A BOSSELESCH
WhatsApp Grupp

**Impressum:**
**Redaktioun & layout:** Gim ASBL—Club A Bosselesch
**Drock:** Imprimerie Heintz sàrl

# ClubKaart - Carte Club

Mir bidden eng ClubKaart un, déi folgend Virdeeler fir Leit iwwer 50 Joer huet:

- Zougank zum Mëttesdësch am Restaurant **A Bosselesch** 7/7 mëttes wou mir e Menu du Jour proposéiere fir 15 € pro Persoun. Deen dee reservéiert kann och Leit matbréngen déi keng ClubKaart hunn.
- Club Tarif fir d'Majoritéit vun eisen Aktivitéiten a Sportscoursë.
- Verschécke vun der Brochure mat der Post fir ClubKaart-Leit déi net an der Gemeng Monnerech wunnen.

Eis gratis Aktivitéiten exclusiv fir Leit iwwer 50 Joer:

- **Schwamme fir Senioren -** Samschdes Moies vun 08:00 bis 09:45 am PIMODI
- **Sport 3. Alter:**
    - ⇒ Méindes owes zu Monnerech an der Sportshal vu 17:00 - 18:00
    - ⇒ Mëttwochs owes zu Steebrécken an der Sportshal 17:00 - 19:00

D'ClubKaart ass gülteg vum 1. Januar bis den 31. Dezember fir de Präis vu 15 €. Fir ëmweltfrëndlech ze sinn, verdeele mer keng physesch Kaart méi.

---

Nous proposons une carte club « ClubKaart » avec les avantages suivants:

- Accès au restaurant **A Bosselesch** tous les jours à midi, avec un menu du jour proposé au prix de 15 € par personne. La personne qui réserve peut également venir accompagnée de personnes qui ne possèdent pas la « ClubKaart ».
- Tarif Club pour la majorité de nos activités et cours de sport.
- Envoi de la brochure par courrier aux détenteurs de la carte qui n'habitent pas dans la commune de Mondercange.

Nos activités gratuites destinées exclusivement aux personnes de 50 ans et plus:

- **Natation pour seniors** – le samedi matin de 08h00 à 09h45 au PIMODI (nage libre)
- **Sport 3e âge** :
    - ⇒ Le lundi soir à Mondercange dans la salle de sport de 17h00 à 18h00
    - ⇒ Le mercredi soir à Pontpierre dans la salle de sport de 17h00 à 19h00

La « ClubKaart » est valable du 1er janvier au 31 décembre au prix de 15€. Pour des raisons écologiques, nous ne délivrons plus de carte physique.

**LU23 0019 4655 8276 1000 BCEELULL**
**au nom de G I M asbl avec la mention ClubKaart 2026**

Gitt Member vun eiser WhatsApp-Grupp a sidd informéiert iwwert eis Aktivitéiten! Hei sinn d'Schrëtt fir Member ze ginn:

1. Späichert eis Nummer an Är Kontakter

2. Schéckt eis e Message fir dat mir Iech an eis Grupp dobäisetzen!

Oder scannt de QR Code ënnen op der Säit mam Fotoapparat vun Ärem Handy

Rejoignez notre groupe WhatsApp et restez informé de nos activités! Voici comment faire:

1. Mémorisez notre numéro dans vos contacts
2. Envoyez-nous un message pour que nous vous ajoutions à notre groupe!

Ou scannez le code QR ci-dessous avec l'appareil photo de votre téléphone portable

BOSSELESCH
WhatsApp Grupp

Dës Nummer ass nëmmen aktiv fir WhatsApp a wann de Club ënnerwee ass

**Club A Bosselesch**
**+352 621 239 034**

**Ce numéro est utilisé uniquement pour la communication WhatsApp et lors de sorties externes**

# Januar ¦ Janvier

| | | |
|---|---|---|
| 06/01/2025 | DË ¦ MA | E Patt A Bosselesch |
| 07/01/2025 | MË ¦ ME | Keelenowend beim Kueb |
| 08/01/2026 | DO ¦ JE | Cercle de Chant |
| 13/01/2026 | DË ¦ MA | Kreativtreff - Modernstyle Toile peinture acrylique |
| 15/01/2026 | DO ¦ JE | Früstück |
| 15/01/2026 | DO ¦ JE | Visitt Bibliothèque Nationale |
| 20/01/2026 | DË ¦ MA | Mandala Workshop |
| 21/01/2026 | MË ¦ ME | Trëppeltour - Bech-Kleinmacher |
| 22/01/2026 | DO ¦ JE | Strécknomëtten |
| 24/01/2026 | SA ¦ SA | Atelier couture - Pochette Cosmétique |
| 26/01/2026 | MÉ ¦ LU | Visitt Rösterei Mondo Del Caffee |
| 27/01/2026 | DË ¦ MA | Dammenowend |
| 28/01/2026 | MË ¦ ME | Projet Intergénérationnel - Maison Relais |
| 29/01/2026 | DO ¦ JE | Cercle de Chant |

# FEBRUAR ¦ FÉVRIER

| | | |
|---|---|---|
| 03/02/2026 | DË ¦ MA | Kreativtreff - Créations avec des perles |
| 04/02/2026 | MË ¦ ME | Keelenowend beim Kueb |
| 05/02/2026 | DO ¦ JE | Strécknomëtten |
| 05/02/2026 | DO ¦ JE | Gediechtnes Training |
| 06/02/2026 | FR ¦ VE | Interkulturellen Treff |
| 06/02/2026 | FR ¦ VE | Shuffleboard |
| 11/02/2026 | MË ¦ ME | Musée Tudor |
| 12/02/2026 | DO ¦ JE | Gediechtnes Training |
| 13/02/2026 | FR ¦ VE | Carnaval Dansant |
| 19/02/2026 | DO ¦ JE | Strécknomëtten |
| 19/02/2026 | DO ¦ JE | Gediechtnes Training |
| 19/02/2026 | DO ¦ JE | Früstück |
| 23/02/2026 | MÉ ¦ LU | Casino Monte-Carlo - Atelier Croupier |
| 23/02/2026 | MÉ ¦ LU | Conférence Feng-Shui & Homeorganizing |
| 25/02/2026 | MË ¦ ME | Tréppeltour - Galgebierg Esch-Uelzecht |
| 25/02/2026 | MË ¦ ME | Projet Intergénérationnel - Maison Relais |
| 26/02/2026 | DO ¦ JE | Gediechtnes Training |
| 27/02/2026 | FR ¦ VE | Maastricht Maart |
| 27/02/2026 | FR ¦ VE | Spillnomëtten Club Aktiv Plus Kordall |
| 28/02/2026 | SA ¦ SA | Atelier couture - Broderie Japonaise |

# MÄERZ ¦ MARS

| | | |
|---|---|---|
| 03/03/2026 | DË ¦ MA | Visite guidée Erlebniszentrum Villeroy & Boch |
| 04/03/2026 | MË ¦ ME | Keelenowend beim Kueb |
| 05/03/2026 | DO ¦ JE | Gediechtnes Training |
| 05/03/2026 | DO ¦ JE | Cercle de Chant |
| 06/03/2026 | FR ¦ VE | War Museum |
| 10/03/2026 | DË ¦ MA | Workshop - Cycle Bien-être 1.1. |
| 11/03/2026 | MË ¦ ME | Kirwiller Royal Palace |
| 12/03/2026 | DO ¦ JE | Gediechtnes Training |
| 12/03/2026 | DO ¦ JE | Strécknomëtten |
| 14/03/2026 | SA ¦ SA | Grousbotz Monnerech |
| 17/03/2026 | DË ¦ MA | Atelier Gemstones |
| 18/03/2026 | MË ¦ ME | Tréppeltour - Iwwerraschungstour |
| 19/03/2026 | DO ¦ JE | Früstück |
| 19/03/2026 | DO ¦ JE | Gediechtnes Training |
| 19/03/2026 | DO ¦ JE | Kreativtreff - Ouschteren Makramé |
| 20/03/2026 | FR ¦ VE | Interkulturellen Treff |
| 24/03/2026 | DË ¦ MA | Atelier Origami |
| 25/03/2026 | MË ¦ ME | Projet Intergénérationnel - Maison Relais |
| 26/03/2026 | DO ¦ JE | Gediechtnes Training |
| 26/03/2026 | DO ¦ JE | Strécknomëtten |
| 26/03/2026 | DO ¦ JE | Dammenowend |
| 27/03/2026 | DO ¦ JE | Spillnomëtten Club Kordall Aktiv |

# ABRËLL ¦ AVRIL

| | | |
|---|---|---|
| 01/04/2026 | MË ¦ ME | Grousselteren an Enkelen Ausfluch Beetebuerger Park |
| 02/04/2026 | DO ¦ JE | Cercle de Chant |
| 03/04/2026 | FR ¦ VE | Shuffleboard |
| 07/04/2026 | DË ¦ MA | Kreativtreff - Seefenatelier |
| 09/04/2026 | DO ¦ JE | Soirée Découverte Restaurant "l'Appuntamento" |
| 14/04/2026 | DË ¦ MA | 12 Tenöre |
| 15/04/2026 | MË ¦ ME | Trëppeltour - Monnerech |
| 16/04/2026 | DO ¦ JE | Früstück |
| 16/04/2026 | DO ¦ JE | Strécknomëtten |
| 17/04/2026 | FR ¦ VE | Spillnomëtten Club Aktiv Plus Kordall |
| 21/04/2026 | DË ¦ MA | Kreativtreff - Terrarium |
| 22/04/2026 | MË ¦ ME | Völklinger Hütte & Saarlouis |
| 23/04/2026 | DO ¦ JE | Strécknomëtten |
| 24/04/2026 | FR ¦ VE | Interkulturellen Treff |
| 24/04/2026 | FR ¦ VE | Soirée Tasting Gastronomique |
| 28/04/2026 | DË ¦ MA | Workshop - Cycle Bien-être 1.2. |
| 29/04/2026 | MË ¦ ME | Projet Intergénérationnel - Maison Relais |
| 29/04/2026 | MË ¦ ME | Keelenowend beim Kueb |
| 30/04/2026 | DO ¦ JE | Cercle de Chant |
| 03/05/2026 | | Voyage Culturel Sheveningen |

## Meet the Team ¦ Rencontrez l'équipe



Vu lénks no riets ¦ de gauche à droite:

- **Carole Badia** ¦ collaboratrice administrative ¦ carole.badia@gim.lu
- **Angie Manternach** ¦ éducatrice diplômée ¦ angie.manternach@gim.lu
- **Fatima Sousa** ¦ collaboratrice polyvalente ¦ fatima.sousa@gim.lu
- **Georges Andrade** ¦ chargé de direction ¦ georges.andrade@gim.lu

Dëst Joer proposéiert d'Equipe hir Aktivitéiten ënnert dem Zeeche vum Wuelbefannen, vun der Kreativitéit an der Verbonnenheet. Mat dësem Thema wëlle mir Momenter ubidden, déi d'Gläichgewiicht, den Austausch an de Spaass färderen. Mir starten dëse neie Programm am Wanter, enger Zäit déi sech besonnesch fir Rou, Reflexioun a Regeneratioun eegent. Follegt dem Rhythmus vun de Saisonen a kultivéiert d'Wuelbefannen d'ganzt Joer iwwer.

Cette année, l'équipe a choisi de placer ses activités sous le signe du bien-être, de la créativité et de la relation humaine. À travers ce thème, nous souhaitons proposer des moments qui favorisent l'équilibre, l'échange et le plaisir d'être ensemble.Nous débutons cette nouvelle aventure en hiver, une période propice au calme, à la réflexion et à la régénération. Suivons le rythme des saisons et cultivons le bien-être tout au long de l'année.

## Mëttesdësch

All Dag an der Woch sidd Dir häerzlech invitéiert an der Mëttesstonn eisen Dagesmenü fir 15€ A Bosselesch schmaachen ze kommen. Och wann Dir un engem Cours deelhuelt, kënnt Dir Iech gären umelle fir de Mëttesdësch.
Reservatioun en Dag am viraus.



## Menu du Jour

Vous êtes cordialement invité à venir déguster notre menu du jour A Bosselesch tous les midis de la semaine au prix de 15€. Si vous participez à un cours, vous pouvez vous inscrire pour le déjeuner.

Veuillez réserver votre table un jour à l'avance.

Réservations: **26 55 36 508**
Retrouvez notre menu sur:
**www.abosselesch.lu**

## Früstück ¦ Petit-déjeuner

Eemol de Mount hutt Dir d'Méiglechkeet am Restaurant ze früstücken. Et ass e Moment wou Dir d'Equipe vum Club kënnt untreffe fir sech auszetauschen, Iddien ze sammele fir Aktivitéiten a Projete fir de Club, oder och einfach Leit hei unzetreffen.

Une fois par mois vous avez la possibilité de venir prendre le petit-déjeuner au restaurant. C'est l'occasion de se retrouver le matin, de discuter avec l'équipe du Club, d'échanger des idées d'activités et de projets pour le Club ou simplement de se réunir avec des amis.

Formule 1: Café-Jus-Kaffismëtsch-1/2 Baguette Botter a Gebeess 6 €
Formule 2: Café-Jus-Kaffismëtsch-1/2 Baguette Kéis a Charcuterie 8 €

**DO ¦ JE 15.01. / 19.02. / 19.03. / 16.04.**
8h00 - 10h30
3 Deeg am viraus ¦ 3 jours à l'avance: **26 55 36**



## Soirée découverte restaurant
## « Restaurant l'Appuntamento » à Bergem




Et gi Plaze wou ee gäre géing higoen, mee d'Geleeënheet huet sech nach net erginn. Mir proposéieren zesummen en Owend am Restaurant l'Appuntamento zu Biergem, fir de Restaurant a nei Leit kennen ze léieren. Mellt Iech un, eleng oder zu e puer.

Il y a des endroits où l'on aimerait bien aller, mais l'occasion ne s'est pas encore présentée. Nous proposons de passer une soirée ensemble au restaurant italien l'Appuntamento à Bergem, pour découvrir le restaurant et rencontrer de nouvelles personnes. Inscrivez-vous, seul ou à plusieurs.

🗔 **Donneschdeg ¦ jeudi 09.04.**
🕓 18h30 sur place ou départ A Bosselesch 18h15 en minibus
✍ Bis den ¦ jusqu'au 03.04.
€ Op der Plaz jee no Consommatioun ¦ sur place selon consommation
↓↑ Max. 15 participants



**FREIDEG**

**13. FEBRUAR 2026**

# CARNAVAL DANSANT

De Club A Bosselesch invitéiert op säin "Carnaval Dansant".

Kommt verkleet, de schéinste Fuesbok gëtt gekréint.

## Centre A Bosselesch

**15:00 - 18:00 mam**

## Jeannot Conter

**Entrée 5 €**

**Centre A Bosselesch**
1 rue de Limpach
L-3932 Mondercange

T. 26 55 36 ¦ info@gim.lu



# Soirée Tasting Gastronomique

## A BOSSELESCH

**24 avril 2026**
**18H00**



Le temps d'une expérience raffinée, 80 participants auront le plaisir de savourer un menu dégustation à 6 services, accompagné d'une formule vins soigneusement sélectionnée pour sublimer chaque plat.

*Mais attention!*

Vos sens seront mis à l'épreuve ! Tout au long de la soirée, des défis de dégustation à l'aveugle viendront pimenter l'expérience. En équipe de 8 personnes, les participants devront identifier des ingrédients mystères uniquement à l'aide de l'odorat et du goût. Ils mettront à profit leurs connaissances œnologiques et faire preuve d'esprit d'équipe, d'intuition et d'un brin de folie gourmande! Les équipes gagnantes repartiront avec un joli cadeau surprise.

**Freideg ¦ vendredi 24.04.**
18h00
Bis den ¦ jusqu'au 03.04.
€ 70 € 6 services gastronomiques avec défis sensoriels
20 € forfait boissons
↓↑ max 80 personnes

## Musekscours ¦ Cours de Musique



Dat kléngt spannend! Et ass wierklech ni ze spéit, fir eppes Neies ze léieren. De Marius Romanno bitt individuell Pianoscoursen an och Gruppecoursen fir Gittar un. Et ass flott, well jidderee säi Léierstyle an Tempo huet, an dëst perfekt kann ugepasst ginn. Hutt Dir schonn decidéiert, wéi een Instrument Iech am meeschten unzitt, oder wëllt Dir béid probéieren?

Vous êtes curieux? Il n'est vraiment jamais trop tard pour apprendre quelque chose de nouveau. Marius Romanno propose des cours individuels de piano ainsi que des cours collectifs de guitare. C'est génial, car chacun a son propre style et rythme d'apprentissage, et cela peut être parfaitement adapté. Avez-vous déjà décidé quel instrument vous attire le plus, ou souhaitez-vous essayer les deux ?

Centre A Bosselesch, 1 rue de Limpach L-3932 Mondercange

D'Umeldung ass fir 6 Coursen ¦ L'inscription se fait pour 6 cours

NEW

| | | |
|---|---|---|
| 📅 | **Dënschdeg ¦ mardi** | **Mëttwoch ¦ mercredi** |
| 🕓 | **13h30 - 17h30** | **09h30 - 11h30** |
| € | 190 € - 6 cours (60 min) - renouvelable | |
| ↓↑ | Cours de guitare max. 5 participants / cours de piano individuel | |

Bei der Umeldung deele mir Iech mat wéi eng Horairë fräi sinn.
Lors de l'inscription nous vous communiquerons les horaires disponibles.

# Digital / Handy - Café



Braucht Dir Hëllef bei Ärem Tablett, Telefon oder Computer? Da kommt laanscht op eisen Digital / Handy-Café. An Zesummenaarbecht mam Jugendhaus Monnerech hu mir eng Equipe vu jonke Leit déi Iech kënne hëllefe bei deene méi oder och manner einfachen Astellungen um Handy, wéi ee verschidden "Appen" benotze kann: WhatsApp, Mobilitéit's App, E-mailen um Handy etc.

Vous avez besoin d'aide avec votre smartphone, tablette ou ordinateur? Participez à notre "Digital / Télephone-Café". En collaboration avec la Maison des jeunes de Mondercange, une équipe de jeunes gens est prête à vous aider avec des tâches plus ou moins simples de votre appareil. Mais aussi comment utiliser certaines applications indispensables comme WhatsApp, l'app Mobilité, consulter vos emails via votre téléphone etc.

**Op Rendez-vous ¦ sur rendez-vous**

26 55 36 ou par email info@gim.lu

€ 5 € (30min.)

# Ganzheetleche Gediechtnes Training
# Entrainement intégral de la mémoire



Wie stoung net schonn am Keller an huet sech gefrot: „Wat maachen ech hei?“ oder beim Bancomat: „ Wéi ass de Code?“

De Kommissiouns-Ziedel läit doheem um Kichendësch: „ Wat steet drop, wat soll ech nach an de Caddie maachen?“

Mir musse villes verhalen an eiser schneller Zäit: Kommissiounen, Coden (Bancomat, Visa...), Postleetzuelen, Telefonsnummeren, Datumer...Hei ka **ganzheetleche Gediechtnes** Training hëllefen. Mat interessanten Übungen a Virschléi brénge mir déi gro Zellen op Trapp. Zesummen an der Grupp an ouni Stress mécht dat vill Spaass.

Qui ne s’est jamais retrouvé à la cave en se demandant: « Qu’est-ce que je fais ici? » ou devant le distributeur: « Quel est le code ? » La liste des courses est restée sur la table de la cuisine: « Qu’est-ce qu’il y a dessus, qu’est-ce que je dois encore mettre dans le caddie? »

Nous devons retenir énormément de choses dans notre monde qui va à toute vitesse: les courses, les codes (carte bleue, Visa...), les codes postaux, les numéros de téléphone, les dates...

Un **entraînement intégral de la mémoire** peut vraiment aider. Grâce à des exercices intéressants et des conseils pratiques, nous mettons nos cellules grises en mouvement. Ensemble, en groupe et sans stress, c’est un vrai plaisir.

L’atelier est tenu en langue luxembourgeoise

**Formatrice: Alexa Ensch-Herzig**

📅 **Donneschdes ¦ jeudis**
**05.02. / 12.02. / 19.02. / 26.02. / 05.03 / 12.03. / 19.03. / 26.03.**

🕓 **10:00 - 11:30**

✍ Bis den ¦ jusqu’au 24.01.

€ gratuit

## Eng Wunneng plënneren, wéi bereeden ech mech vir?
## Comment bien se préparer à un déménagement?





**Fillt Dir Iech onsécher vis-à-vis vun enger wichteger Entscheedung, déi eng grouss Verännerung mat sech bréngt?** *Home Organizing* ass onbedéngt dat Richtegt fir Iech. Et handelt sech ëm eng Begleedung op Mooss, zesumme mam Samantha Nicastro, kombinéiert mam holistesche Feng-Shui vum Magalie Zarcone, fir Iech e geséchert Wuelbefannen an eng optimal Organisatioun ze bidden. Kommt era lauschteren, an informéiert Iech iwwert d'Thema, d'Transitioun am Beräich Wunnen.

**Craignez-vous une décision importante impliquant un changement considérable?** Le *home organizing* est indéniablement fait pour vous. Il s'agit d'un accompagnement sur mesure, réalisé en collaboration avec Samantha Nicastro, associé au Feng Shui holistique de Magalie Zarcone, afin de vous apporter un bien-être assuré et une organisation optimale. Venez écouter et vous informer sur le thème de la transition dans le domaine du logement.

**Conférence tenue en langue française**

**Méinden ¦ lundi 23.02.**
**18h 00 – 20h00**
Bis ¦ Jusqu'au 20.02.
€ gratuit
boissons et mini sandwiches vendus au bar du Centre A Bosselesch

# Atelier Monte-Carlo - Rencontre avec un croupier




Dir hutt iech scho mol gefrot wéi et an de Kulisse vun engem Casino ofleet? Hei hutt dir d'Chance de Marc Nicastro, ee professionelle Croupier aus dem prestigiéise Casino vu Monte-Carlo ze treffen. Hien erzielt vu sengem beruffleche Parcours, sengem Alldag an de Kompetenzen, déi dëse Beruff erfuerdert. Anekdoten, Demonstratiounen an en oppenen Austausch gestalten dës geselleg Begéinung. Eng eenzegaarteg Geleeënheet, fir d'Liewe vun engem Casino an d'Mënschen dohannert kennenzeléieren.

Vous êtes-vous déjà demandé ce qui se passe dans les coulisses d'un casino ? Voici l'occasion de rencontrer Marc Nicastro, un croupier professionnel du prestigieux Casino de Monte-Carlo. Il parlera de son parcours professionnel, de son quotidien et des compétences requises pour exercer ce métier. Anecdotes, démonstrations et échanges ouverts rythmeront cette rencontre conviviale. Une occasion unique de découvrir la vie d'un casino et les personnes qui œuvrent en coulisses.

**Atelier tenu en langue française**

- **Méinden ¦ lundi 23.02.**
- **15h 00 – 17h00 au Centre A Bosselesch**
- Bis ¦ Jusqu'au 20.02.
- € gratuit

Cycle Bien-être 1.1.

## Freed wuesse loossen a Positives an eist Liewen unzéien

## Cultivons la joie et attirons le positif dans nos vies





Taucht an eng berouegend Welt an, déi d'Aromachologie – den Afloss vun äthereschen Ueleger op eis Emotiounen – mat Kreativitéit verbënnt. No enger kuerzer Aféierung an d'Aromatherapie entdeckt Dir déi Geréicher, déi Freed a Wuelbefanne férderen.

Geleet vum Sabine Kinzinger, diploméiert Apdikterin an Aroma-, Phyto- a Nutritherapeutin, schléisst den Atelier mat der Kreatioun vun Ärem **perséinlechen Aromastick** of. Den Atelier ass fir jiddereen op, ouni Virkenntnesser, a steet ganz am Zeeche vum Wuelbefannen.

Plongez dans un univers apaisant alliant l'aromachologie — l'étude de l'impact des huiles essentielles sur nos émotions — et la créativité. Après une courte introduction à l'aromathérapie, vous découvrirez les senteurs qui favorisent joie et bien-être.

Animé par Sabine Kinzinger, pharmacienne diplômée en aroma-, phyto- et nutrithérapie, l'atelier se termine par la création de votre **aromastick personnalisé**, à emporter avec vous. Ouvert à tous, sans prérequis, cet atelier ludique et créatif est dédié au bien-être.

**Atelier tenu en langue française**

**Dënschdeg ¦ mardi 10.03.**

**14h00 – 17h00**

Bis ¦ Jusqu'au 03.03.

€ 50 € M ¦ 55 € NM (matériel, fascicule et aromastick personnalisé)

↓↑ Min. 5 personnes

Cycle Bien-être 1.2.

# Mat eisen Emotiounen ëmgoen

## Gérons nos émotions



Schock, Roserei, Scholdgefill, Enttäuschung, Ängschten, Einsamkeet oder mental Iwwerlaaschtung – vill negativ Emotiounen, déi eisen Alldag belaaschte kënnen an eist Wuelbefanne beaflossen. D'Bach-Bléienelixiren, wou all eenzel enger bestëmmter Emotioun zougeeuerdent ass, hëllefen dobäi, dat bannenzegt Gläichgewiicht nees ze fannen. No enger kuerzer Aféierung léiert Dir Är aktuell Emotiounen z'erkennen, Äre perséinleche Flacon virzebereeden an déi wichtegst Emotioun kreativ ze verschaffen. Geleet vum Sabine Kinzinger, diploméiert Apdikterin, Aroma-, Phyto- a Nutritherapeutin, gëtt d'„Schied"-Gefill duerch Molerei oder Collagen an „Liicht" verwandelt.

Choc, colère, culpabilité, découragement, peurs, solitude ou surcharge mentale... autant d'émotions négatives qui peuvent peser sur notre quotidien et nuire à notre bien-être. Les élixirs floraux de Bach, chacun associé à une émotion spécifique, aident à retrouver un meilleur équilibre intérieur. Après une brève introduction, vous apprendrez à identifier vos émotions, à préparer votre flacon personnalisé et à travailler sur l'émotion dominante grâce à la créativité. Accompagnés par Sabine Kinzinger, pharmacienne diplômée en aroma-, phyto– et nutrithérapie, vous transformerez votre ressenti « ombre » en « lumière » à travers un médium artistique de peinture ou des collages.

**Dënschdeg ¦ mardi 28.04.**

**14h 00 – 17h00**

**Atelier tenu en langue française**

Bis ¦ Jusqu'au 21.04.

€ 50 € M ¦ 55 € NM (matériel, fascicule et flacon d'élixirs floraux personnalisé)

↓↑ Min. 5 personnes

# Den Süden der Niederlande entdecken ab Scheveningen vom 3.-8. Mai 2026




Scheveningen zählt zu den bekanntesten Badeorten der Niederlande und liegt direkt bei Den Haag. Die einzigartige Stadt am Meer bietet den einzigen echten Stadtstrand Südhollands – ein Ort, an dem sich entspanntes Strandvergnügen ideal mit dem lebendigen Stadtleben verbindet.

**Tag 1:** Anreise mit Frühstückspause und gemütliches Ankommen in Scheveningen

**Tag 2**: Der bekannte Frühlingspark **Keukenhof** lockt mit 7 Millionen saisonalen Blumen, diversen Blumenausstellungen sowie Statuen und Kunstobjekte, die dem Park eine extra Dimension verleihen.

**Tag 3:** Hafenrundfahrt in **Rotterdam**. Genießen Sie die beeindruckende Skyline, Einblicke in Werften, Docks und den hochmodernen Containerumschlag. Nachmittag freier Aufenthalt in der Hafenmetropole mit Europas größtem Seehafen, moderner Architektur und kultureller Vielfalt.

**Tag 4:** Besichtigung von **Royal Delft**, die letzte noch bestehende Keramikmanufaktur aus dem 17. Jahrhundert. Seit 1653 wird hier das berühmte Delfter Blau nach traditioneller Handwerkskunst gefertigt – von Hand bemalt und mit großer Sorgfalt hergestellt. Nachmittag zur freien Verfügung in Delft.

**Tag 5**: Der Tag steht zur freien Verfügung in **Scheviningen** selbst mit Fischereihafen, Strandpromenade, Geschäften, Restaurants und einem faszinierenden Aquarium. Alternativ bringt der Bus Sie nach **Den Haag**, dem Regierungssitz der Niederlande, bekannt für sein historisches Stadtbild mit der Gelegenheit für Shopping oder Museumsbesuch.

**Tag 6**: Abreise um 14.00 und Rückfahrt nach Luxemburg

**1070,00€ p.P. (330,00 € Zuschlag EZ)**

**Anmeldung bis: 15.2.2026**

Im Preis inbegriffen: Fahrt im Reisebus, Frühstück auf der Hinfahrt, 5x Halbpension im Hotel Fletcher Scheveningen, Eintritt Keukenhof, Besichtigung Royal Delft, Hafenrundfahrt Rotterdam, Reiserücktrittsversicherung.

**In Zusammenarbeit mit Club Aktiv plus Strassen**

# À la découverte du Sud des Pays-Bas depuis Scheveningen du 3 au 8 mai 2026





Scheveningen est l'une des stations balnéaires les plus connues des Pays-Bas, située juste à côté de La Haye. Cette ville unique au bord de la mer offre la seule véritable plage urbaine du sud du pays – un lieu où les plaisirs de la plage se combinent parfaitement avec l'animation citadine.

**Jour 1:** Trajet avec pause petit-déjeuner et arrivée détendue à Scheveningen

**Jour 2:** Le célèbre parc printanier Keukenhof séduit avec ses 7 millions de fleurs saisonnières, diverses expositions florales, ainsi que des statues et objets d'art qui donnent une dimension supplémentaire au parc.

**Jour 3:** Croisière portuaire à **Rotterdam**. Profitez de la vue sur la skyline impressionnante, les chantiers navals, les docks et le terminal ultramoderne de conteneurs. Après-midi libre dans cette métropole portuaire, dotée du plus grand port d'Europe, d'une architecture moderne et d'une grande richesse culturelle.

**Jour 4:** Visite de **Royal Delft**, la dernière manufacture de céramique encore active datant du XVIIe siècle. Depuis 1653, la célèbre faïence bleue de Delft y est produite selon un savoir-faire artisanal traditionnel – peinte à la main avec un soin exceptionnel. Après-midi libre à Delft.

**Jour 5:** Journée libre à **Scheveningen** avec son port de pêche, sa promenade en bord de mer, ses magasins, ses restaurants et un aquarium fascinant. En alternative, le bus vous conduit à **La Haye**, siège du gouvernement néerlandais, réputée pour son centre historique, idéale pour le shopping ou une visite de musée.

**Jour 6**: Départ pour le trajet de retour vers Luxembourg

**1 070,00 € p.p. (supplément ch.ind. : 330,00 €)**

## Inscription jusqu'au: 15.2.2026

Le prix comprend: transport en autocar, petit-déjeuner à l'aller, 5 nuits en demi-pension à l'hôtel Fletcher Scheveningen, entrée au Keukenhof, visite de Royal Delft, croisière à Rotterdam, assurance annulation.

**Voyage en collaboration avec le Club Aktiv plus Strassen**

## Visitt National Bibliothéik
## Visite Bibliothèque Nationale





**Kommt mat d'Nationalbibliothéik vu Lëtzebuerg (BnL) entdecken**, eng Plaz vun der lëtzebuergescher Kultur, matten um Kierchbierg.

Wärend 90 Minutten entdeckt Dir d'Geschicht an d'Aufgabe vun der Bibliothéik, seng modern Raimlechkeeten an seng wichtegst Sammlungen. D'Visitt gëtt en interessanten Abléck op de Fonctionnement vun der BnL a seng wichteg Roll beim Erhale vum schrëftleche Patrimoine vum Land.

Den Transport geschitt mat Bus an Tram, den Tramsarrêt ass direkt virun der BnL. No der Visitt ass Iech fräi iwwerlooss op der mat zeréck fuert oder nach selwer an der Stad bleift.

Venez découvrir la Bibliothèque nationale du Luxembourg (BnL), un lieu emblématique de la culture luxembourgeoise, située au cœur du Kirchberg.

Pendant 1h30, vous découvrirez l'histoire et les missions de la bibliothèque, ses espaces modernes et ses collections les plus remarquables. La visite offre un aperçu clair et intéressant du fonctionnement de la BnL et de son rôle dans la préservation du patrimoine écrit du pays.

Le déplacement se fera en bus et tram, l'arrêt du tram est devant la BnL. Après la viste vous avez le choix de rentrer avec le groupe ou de profiter à votre aise de la ville.

**Donneschdeg ¦ jeudi 15.01.**
Départ Centre A Bosselesch 12h45
Bis den ¦ jusqu'au 13.01.
€ Gratis ¦ gratuit
↓↑ Max. 15 participants

# Visitt Rösterei Mondo Del Caffee
# Visite de l'atelier de torréfaction Mondo Del Cafee





**Bereet fir eng Rees an d'Welt vum Kaffi?**

Bei eiser Visitt vun der Réischterei entdeckt Dir, wéi aus enger grénger Boun e räich aromatesche Kaffi gëtt a firwat Kaffi vill méi ass wéi just e Gedrénks. Entdeckt d'Originne vum Kaffi, léiert d'Qualitéit vun de Bounen z'erkennen a kuckt live no, wéi de Kaffi handwierklech an hirer traditioneller Trommel geréischtert gëtt. D'Visitt geet op en Enn mat enger Degustatioun vu Kaffispezialitéiten, gefollegt vun hierem bekannte Kaffislikör. E Sënneserliefnes, dat een sech net entgoe loosse soll.

**Prêt.e pour un voyage au cœur du café?**

Lors de notre visite de la torréfaction, découvrez comment une fève verte devient un café riche en arômes et pourquoi le café est bien plus qu'une simple boisson. Explorez l'origine du café, apprenez à reconnaître la qualité des grains et assistez en direct à la torréfaction artisanale. La visite se termine par une dégustation de cafés spéciaux, suivie de leur célèbre liqueur de café maison. Une expérience sensorielle à ne pas manquer.

**Méindeg ¦ lundi 26.01.**

Départ 12h45 Centre A Bosselesch

Bis de ¦ jusqu'au 18.01.

€ 60 € M ¦ 65 € NM (transport, visite et dégustation)

↓↑ Max. 15 participants

# Visitt Tudor Musée
# Visite du Musée Tudor







Den Tudor Musée, och bekannt als Schlass vu Rouspert, läit an der klenger Stad Rouspert. Dat 1892 gebaute Schlass war d'Wunnhaus vum lëtzebuergeschen Ingenieur an Erfinder Henri Tudor. Zanter Mee 2009 ass am Schlass den Tudor Musée ënnerbruecht.

Le Musée Tudor, également connu sous le nom de Château de Rosport, est situé dans la petite ville de Rosport, dans le nord-est du Luxembourg. Construit en 1892, le château fut la résidence de l'ingénieur et inventeur luxembourgeois Henri Tudor. Depuis mai 2009, le château abrite le Musée Tudor.



**Mëttwoch ¦ mercredi 11.02.**
Départ 13h45 Centre A Bosselesch
✍ Bis den ¦ jusqu'au 03.02.
€ 25 € M ¦ 30 € NM (transport mini-bus + visite guidée)
↓↑ min. 7 participants

## Maastricht




**Loosst Iech vum Maart zu Maastricht verzauberen.** Bekannt fir seng lieweg Atmosphär, bitt dëse Maart eng grouss Auswiel u frësche Produkter, regionale Spezialitéiten, Blummen, Kleeder an handwierklechen Artikelen. Dir sidd de ganzen Dag fräi fir duerch d'Stänn ze schlenderen, Akeef ze maachen oder déi agreabel Stëmmung vun der aler Stad Maastricht ze genéissen. Donieft ginn et vill Méiglechkeeten, fir eppes z'iessen oder e Kaffi ze drénken.

**Laissez-vous enchanter par le marché de Maastricht**. Réputé pour son ambiance animée, ce marché propose un large choix de produits frais, de spécialités régionales, de fleurs, de vêtements et d'articles artisanaux. Vous serez libre de flâner dans les allées du marché, faire des achats ou profiter de l'atmosphère agréable de la vieille ville de Maastricht. La ville offre également de nombreuses possibilités pour se restaurer ou prendre un café.

**Freideg ¦ vendredi 27.02.**
Départ 07h30 Centre A Bosselesch
Bis den ¦ jusqu'au 19.02.
€ 35 € M ¦ 40 € NM (transport en bus)
↓↑ Max. 40 participants

## Erlebniszentrum Villeroy & Boch





Kommt de neie Site vum Villeroy & Boch Erliefneszentrum besichen, eng Plaz wou Traditioun an Innovatioun openeen treffen. Wärend däser Visitt entdeckt Dir d'Geschicht, d'Handwierk an d'Produktiounstechnike vun däser bekannter Entreprise. D'Ausstellungen an Demonstratioune loossen Iech alles hautno erliewen. No der Visitt ass e Mëttesiessen zu Mettlach virgesinn (net am Präis mat abegraff), dono kënnt dir Fräizäit genéissen.

Venez découvrir le nouveau site Villeroy & Boch Erlebniszentrum, un lieu où tradition et innovation se rencontrent. Lors de cette visite, vous découvrirez l'histoire, le savoir-faire et les techniques de production de cette célèbre entreprise, tout en découvrant des expositions interactives et des démonstrations captivantes. Après la visite, le déjeuner est prévu à Mettlach (le déjeuner n'est pas inclus dans le prix de l'excursion), suivi de temps libre.

**Dënschdeg ¦ mardi 03.03.**

Départ 09h00 Centre A Bosselesch

Bis de ¦ jusqu'au 26.02.

€ 20 € M ¦ 25 € NM (transport et entrée)

↓↑ Min 7 participants

# War Museum





D'Ausstellunge vum War Musée weisen d'Geschicht vun de Kricher, déi Europa gepräägt hunn. Mat enger Sammlung, déi reegelméisseg mat Artefakte, Fotografien an interaktive Medien erweidert gëtt, bitt si en ëmfaassende Bléck vun 1914 bis haut. D'Mënschlechkeet steet am Mëttelpunkt: d'Ausstellunge weisen den Impakt vun de Konflikter op Zaldote wéi och Awunner a lueden dozou an, iwwert de Wäert vum Fridden an eiser Gesellschaft nozedenken.

Les expositions du War Musée retracent l'histoire des guerres qui ont marqué l'Europe. Grâce à une collection régulièrement enrichie d'artefacts, de photographies et de médias interactifs, elles offrent un panorama complet de 1914 à nos jours. Axées sur le destin humain, elles montrent l'impact des conflits sur les soldats comme sur les civils et invitent à réfléchir à la valeur de la paix dans notre société.

**En collaboratin avec le Club Aktiv + deForum**

**Freideg ¦ vendredi 06.03.**
Départ 08h30 Centre A Bosselesch
Bis den ¦ jusqu'au 20.02.
€ 95 € M ¦ 100 € NM (transport, entrées musées et repas)
↓↑ Max. 20 participants

## De Royal Palace feiert seng 45 Joer
## Le Royal Palace fête ses 45 ans – Kirrwiller (F)




Zu där Geleeënheet presentéiert de Royal Palace zu Kirrwiller am Elsass d'Show *Parfum d'Étoiles*. Dës nei, faszinéierend Produktioun versprécht verzauberend Optrëtter, Iwwerraschungen a vill Emotiounen. Ier mir de Cabaret-Spektakel erliewen, ass e Méttegiesse virgesinn, dat vu Musek begleet gëtt, am Restaurant Majestic. No der Show, drénke mir nach e leschte Patt am Lounge Club, dono geet et erëm mam Reesbus zeréck op Monnerech.

À cette occasion, le Royal Palace à Kirrwiller en Alsace présente le spectacle Parfum d'Étoiles. Cette nouvelle production captivante promet des performances envoûtantes, des surprises et beaucoup d'émotions. Avant le passionnant spectacle de cabaret, nous dégustons le déjeuner accompagné de musique au restaurant Majestic. Avant notre retour, nous prenons un dernier verre au Lounge Club dans une ambiance musicale dansante.

**Voyage en collaboration avec le Club Aktiv plus Strassen**

- **Méttwoch ¦ mercredi 11.03.**
- Départ 08h50 Centre A Bosselesch
- Bis de ¦ jusqu'au 20.02.
- € 155 € M ¦ 165 € NM (transport, repas et place d'honneur pour le show)
- ↓↑ Max. 19 participants

# Grousselteren an Enkelen Ausfluch  an de Beetebuerger Park






Kommt mat fir e gesellege Moment mat ären Enkelkanner am Parc Merveilleux ze verbréngen! Spiller, Spadséiergäng an Déiere waarden op Iech fir en Nomëtteg voller Freed an Entdeckungen. Dës Aktivitéit ass eng ideal Geleeënheet, de Lien tëscht de Generatiounen ze stäerken, onvergiesslech Erënnerungen ze schafen an d'Magie vum Parc ze genéissen.

Fir dësen Ausflug gëtt keen Transport organiséiert, do treffe mer eis all virun der Entrée vum Park zu Beetebuerg.

Venez partager un moment complice avec vos petits-enfants au Parc Merveilleux ! Jeux, promenades, attractions et espaces nature vous attendent pour une après-midi pleine de rires et de découvertes. Cette sortie est l'occasion idéale de renforcer les liens intergénérationnels, de créer des souvenirs inoubliables et de profiter ensemble de l'air frais et de la magie du Parc Merveilleux.

Pour cette excursion nous ne proposons pas de transport, nous nous donnons rendez-vous à l'entrée du Parc à Bettembourg.

🗓 **Mëttwoch ¦ mercredi 01.04.**

🕒 Rendez-vous à l'entrée du Parc Merveilleux à 14:00

✍ Bis den ¦ jusqu'au 30.03.

€ Prix de l'entrée à payer sur place

## Concert ¦ 12 Ténöre @ Artikus




Zanter méi wéi fofzéng Joer gehéieren déi 12 Tenoren zu de populäersten Tenor-Formatiounen op der Welt. Mat hire staarke Stëmmen an impressionante Choreografië begeeschtere si de Publikum an Europa an an Asien. Hieren neie Programm *Songs of Eternity* ass en Hommage u Klassiker, déi Generatioune gepräägt hunn. Tëscht zäitlose Balladen, Pop-Klassiker an emotionalen Hymne bidde si eng musikalesch Rees voller Gefiller. En eenzegaartege Moment, an deem d'Musek zum éiwege Begleeder gëtt.

Depuis plus de quinze ans, les 12 Tenors comptent parmi les formations de ténors les plus populaires au monde. Avec leurs voix puissantes et leurs chorégraphies impressionnantes, ils enchantent les publics d'Europe et d'Asie. Leur nouveau spectacle *Songs of Eternity* rend hommage aux chansons emblématiques qui ont marqué des générations. Entre ballades intemporelles, classiques pop et hymnes poignants, ils proposent un voyage musical riche en émotions. Un moment unique où la musique devient un

**Dënschdeg ¦ mardi 14.04.**

Départ 19h15 Centre A Bosselesch ¦ 19h40 sur place

Bis de ¦ jusqu'au 31.03.

€ 85 € M ¦ 90 € NM concert et transport (ticket seul 68 € M ¦ 73 € NM)

↓↑ Max. 37 participants

# Völklinger Hütte - Expo X-Ray



Genee 130 Joer no der Entdeckung vun de Röntgenstralen duerch de Wilhelm Röntgen mécht d'Ausstellung X-RAY hir Dieren um Site vun der Völklinger Hütte op. Si setzt de Fokus op de radiographesche Bléck an der Konscht, der Wëssenschaft, dem Kino, der Politik, der Moud, der Musek an der Architektur. D'Ausstellung weist historesch a modern Uwendunge vun der Röntgentechnologie – vun den éischte Biller bis bei d'Satellitte vun der Weltraumfuerschung – a stellt se a Bezuch zu kulturellen Aspekter. An der Gebléishal begéint d'Wëssenschaft der Konscht. No der guidéierter Visitt vun der Ausstellung op Däitsch kënnt Dir de Site vum UNESCO-Weltkulturierwe fräi besichen. Schrëftlech Erklärunge sinn op Franséisch an Englesch verfügbar. D'Mëttegiessen ass am Restaurant Donna Mia zu Saarlouis virgesinn. Den Nomëtteg steet Iech fräi fir Saarlouis ze besichen. Um 18:00 Auer fiert de Bus vu Saarlouis fort Richtung Diddeleng a Monnerech.

Exactement 130 ans après la découverte des rayons X par Wilhelm Röntgen, l'exposition X-RAY ouvre ses portes sur le site de la Völklinger Hütte. Elle met en lumière le regard radiographique dans l'art, la science, le cinéma, la politique, la mode, la musique et l'architecture. L'exposition présente des applications historiques et modernes de la technologie des rayons X, des premières images aux satellites d'exploration spatiale, et les met en relation avec des aspects culturels. Dans la Halle des Souffleries et des Compresseurs, la science rencontre l'art. Après la visite guidée de l'exposition en allemand, vous pourrez librement visiter le site du patrimoine mondial de l'Unesco. Des explications écrites sont disponibles en français et en anglais. Nous déjeunerons ensemble au restaurant Donna Mia, à Sarrelouis. L'après-midi sera à votre guise pour visiter Saarlouis, à 18h00 le bus partira de Saarlouis.

**Mëttwoch ¦ mercredi 22.04.**

Départ 08h45 Centre A Bosselesch

Bis den ¦ jusqu'au 13.04.

€ 50 € M ¦ 55 € NM

↓↑ Max. 13 participants

**Zesummen mam**

**Club Aktiv+ Diddeleng**

# Kreativ Atelieren - ateliers créatifs

## Kreativtreff - Le coin créatif





Hutt Dir eng Kreativ Oder, vläicht maacht Dir och gären eppes mat Ären Hänn mee wësst net ëmmer wat a wéi maachen. Mir bidden eng Rei Atelieren un, wou Dir kënnt Dekoratioune maache fir Äert Doheem oder fir ze verschenken. Dir mellt Iech fir deen Atelier un, deen Iech gefält. D'Resultat kënnt Dir mat heem huelen, mir froen eng Participatioun fir d'Material. Dir kënnt et och hei loossen a mir verkafen et an eisem Kreativshop. Kommt a schreift Iech an, d'Fatima freet sech fir Iech hei ze empfänken.

Avez-vous une âme créative, peut-être aimez-vous aussi faire des choses de vos mains mais vous ne savez pas toujours quoi et comment faire ? Nous proposons une série d'ateliers où vous pouvez créer des décorations pour votre maison ou à offrir. Vous vous inscrivez à l'atelier qui vous plaît, vous pouvez emporter le résultat chez vous, nous demandons une participation pour les matériaux, vous pouvez aussi les laisser ici et nous les vendrons dans notre boutique créative. N'hésitez pas à vous inscrire, Fatima se réjouit de vous accueillir.

AB
MONDERCANGE
made A Bosselesch
Club Aktiv+

All Artikel deen an engem vun eisen Ateliere gemeet gëtt kritt dëse Logo. Wéi de Numm et seet, steet **"made A Bosselesch"** fir handgemaache Saache vun de Participante vun eisen Aktivitéiten. Sicht Dir e klenge Kado, da kommt laanscht a kuckt iech d'Saachen un, vläicht ass eppes dobäi.

Tout article réalisé dans un de nos ateliers reçoit ce logo. Comme son nom l'indique, «**made A Bosselesch**» représente des objets faits main avec les participants à nos activités. Vous cherchez un petit cadeau ? Alors passez nous voir et jetez un œil aux créations – peut-être y trouverez-vous quelque chose qui vous plaît.



## Modernstyle mat Acryl molen
## Peinture Acrylique à la moderne

**Dënschdeg ¦ mardi 13.01.**
14h30 - 16h30
Bis den ¦ jusqu'au 10.01
€ 10 € M ¦ 12 € NM
↓↑ Min. 3 - Max. 10 participants

## Atelier Perlen
## Créations avec des perles

**Dënschdeg ¦ mardi 03.02.**
14h30 - 16h30
Bis den ¦ jusqu'au 01.02
€ 10 € M ¦ 12 € NM
↓↑ Min. 3 - Max. 10 participants





## Makramé de Pâques

**Donneschdeg ¦ jeudi 19.03.**
14h30 - 16h30
Bis den ¦ jusqu'au 16.03
€ 15 € M ¦ 17 € NM
↓↑ Min. 3 - Max. 10 participants

## Seefenatelier
## Atelier de Savons

**Dënschdeg ¦ mardi 07.04.**
14h30 - 16h30
Bis den ¦ jusqu'au 04.04
€ 10 € M ¦ 12 € NM
↓↑ Min. 3 - Max. 10 participants





## Terrarium

**Dënschdeg ¦ mardi 21.04.**
18h00 - 20h00
Bis den ¦ jusqu'au 17.04.
€ 30 € M ¦ 35 € NM
↓↑ Min. 3 - Max. 10 participants

# Atelier Punkt-Mandala'en op Steng
## Atelier pierres Mandala à points





Entdeckt déi faszinéierend Welt vun de Mandala'en a schaaft flott Punkt-Mandala Steng, déi nëmmen aus Punkte bestinn a flott Blummemotiver forméieren. D'Schafe vun engem Mandala relaxéiert, zentréiert an hëlleft de Kapp fräi ze kréien an sech besser ze konzentréieren.

Loosst ärer Kreativitéit fräie Laf a freet Iech sëlwer e klengt Konschtwierk ze schafen. Accessibel vir all Niveau, ouni Virkenntnesser.Material inklusiv. Dir huelt de Mandala-Stee mat heem, wat och eppes Schéines ze verschenke ka sinn. De Steen ass aus engem spezielle Mix aus Zeitungspabeier, Gips a Sand.

Découvrez le monde fascinant des mandalas et créez de magnifiques pierres mandala à points, composées uniquement de points formant de jolis motifs floraux. La création d'un mandala est relaxante, recentre l'esprit et aide à se libérer la tête tout en améliorant la concentration.

Laissez libre cours à votre créativité et prenez plaisir à réaliser une petite œuvre d'art personnelle. Accessible à tous les niveaux, sans connaissances préalables. Matériel inclus. Vous emporterez votre pierre mandala chez vous; elle peut également être un très beau cadeau. La pierre est fabriquée à partir d'un mélange spécial de papier journal, de plâtre et de sable.

**Dënschdeg ¦ mardi 20.01**

18h00 - 20h00

Bis den ¦ jusqu'au 13.01.

€ 30 € M ¦ 35 € NM

↓↑ Min. 5 - Max. 8 participants

**Formatrice:**
**Mireille Dondlinger**

# Gemstones 1.1





Taucht an d'Welt vun de natierleche Steng an a maacht bei eisem Gemstones -Atelier mat. Wärend dësem Atelier hutt Dir d'Geleeënheet, Ären eegene Bracelet aus natierleche Steng ze kreéieren, andeems Dir déi Gemmen auswielt, déi am beschten zu Iech passen. All Steen huet seng eegen Energie, Symbolik a besonnesch Eegenschaften.

D'Formatrice hëlt sech Zäit, fir d'Bedeitungen an d'Eegenschafte vun de verschiddene Steng z'erklären, fir Iech bei enger bewosster a perséinlecher Wiel ze begleeden. Dësen Atelier ass e Moment vun Austausch, Kreativitéit a Wuelbefannen, a senger Intuitioun nozelauschteren. Zum Schluss vum Atelier gitt Dir mat engem eenzegaartege Bijou heem.

Plongez dans l'univers fascinant des pierres naturelles lors de notre atelier Gemstones. Au cours de cet atelier, vous aurez l'occasion de créer votre propre bracelet en pierres naturelles, en choisissant les gemmes qui vous correspondent le mieux. Chaque pierre possède une énergie, une symbolique et des bienfaits uniques.

La formatrice prendra le temps d'expliquer les propriétés et significations des différentes pierres, afin de vous guider dans un choix conscient et personnel. Cet atelier est un moment de partage, de créativité et de bien-être, idéal pour se reconnecter à soi, laisser parler son intuition et repartir avec un bijou unique, fait de vos propres mains.

**Dënschdeg ¦ mardi 17.03.**
18h30 - 21h00
Bis den ¦ jusqu'au 14.03
€ 40 € M ¦ 45 € NM
↓↑ Max. 10 participants

**Formatrice:**
**Tanyth Blackler**

# Aféierung an d’Origami Technik
## Initiation aux techniques d’origami!



Maacht mat bei engem Atelier fir an d’Origami eragefouert ze ginn. Entdeckt de berüümte Peace Crane an aner klassesch Origami-Modeller, déi fir jidderee gëeegent sinn. E kreative, rouege a gemittleche Moment, wou Dir Schratt fir Schratt d’Konscht vum Fale léiert. Ideal fir Gedold a Präzisioun ze fërderen, a mat ären eegene Kreatiounen heemzegoen!

